ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

D'ONG "Passerelle" ass an de leschten Deeg mat enger Rei vun Aussoen zu der Asylpolitik vun der Regierung vis-à-vis vun DPIen aus dem Afghanistan opgefall. Den Här Bausseminister huet d'Aarbecht vu sengen zoustännegen Beamten an deem Dossier doropshin an zwee Interviewen ëffentlech verdeedegt an der genannter ONG virgeworf "Oppositioun ëm all Präis" wëllen ze maachen.

Duerfir géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

1) Erhält déi genannten ONG aktuell Ënnerstëtzung a Form vu Suen oder materiellen Zouwennungen duerch de Staat? Wa jo, vu wéi enger Administratioun an a wéi engem Zesummenhang? Ënnert wéi engem Budgetsartikel fléissen déi Suen, respektiv em wéi eng Form vu materiellen Zouwennungen handelt et sech?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten